# PARTISANE-LIDD

Melodie: Mamatschi. — Text vum: H. Feller an R. Leches.

1.

Wat ass dat wat duerch d'Hecke schleicht
all Owens eso' bal et Nuecht,
ass et e Re', e Fîss'che v'leicht?
Nen 't ass e Partisan op Wuecht.
Well wann et Owens deischter get
da sin ons Jongen all um Dill.
Dir knaschtech Preise weisst iech net
well mir sin onser masseg vill.

Refr. Mir Jongen, mir si gezwongen
ze schleichen durech Besch an Heck.
Mais no'm Krich komme mir erem zereck.

2.

A wa mir dann op Poste stin
ma'm Karabiner an dem Grapp,
da le'sst sech jo ke Preiss gesin
mir hätten hien och gleich beim Schlapp.
Well d'Partisane si keng gudd
et ass net fir de Geck ze ma'n,
mir hu jo all nach fei'regt Bludd
gesin all Stonn dem Do't an d'An.

Refr. Mir Jongen, mir si gezwongen
ze sche'ssen durech Besch an Heck.
Mais no'm Krich komme mir erem zereck.

3.

Onse Kom'rod F r i t z hat Muerges-Wuecht,
hie gong duerch Heck a Besch an Hed.
Un d'Preisen huet hie kaum geduecht
hie wor fir sech dach nie am Led.
Du kennt e Preiss him an de We
de sche'sst... an trefft de Fritz an d'Hierz.
Sei Bludd left donkel iwert d'Le
an hie stierwt gleich o'ni Schmierz.

Refr. Mir Jongen, mir si gezwongen
ze lussen durech Besch an Heck.
Soss komme mir nom Krich net me' 'rem zereck

4.

An iegentwo' do setzt eng Mamm
de' ge'f hiert Hierz-Bludd gäre gin.
Könnt si am Wachen oder am Dram
hire gudde Jong eremgesin.
E Medchen trei a brav dât denkt:
«Mei Jong dat ass e Partisan
ech hun him mei klengt Hierz geschenkt
dât ass fir mech nach lang keng Schan.

Refr. Well d'Jongen, de' si gezwongen
ze lafen durech Besch an Heck.
Mais no'm Krich komme si erem zereck.

5.

Mir Partisane sin och Menschen,
de' wierklech fro' mam Liewe sin.
Dat enzegt wat mir ons nach wenschen
datt mir onst Ländche frei gesin.
A wann dat Schicksal et gudd wellt
mat engem letzeburger Kand,
da get no'm Krich muench Tre'n gestellt
a mir rechen ons als Bridder d'Hand.

Refr. Well d'Freihet, de' ass onst Liewen
ons Freihet ass onst he'chste Gleck.
O Freihet, we'ni kennst du 'rem zereck.

Impr. Jos. Beffort, Luxbg.